Lëtzebuerger Guiden a Scouten

Aarbechtsgrupp Nohaltegkeet
nohaltegkeet@lgs.lu

# Checklëscht Nohaltegkeet

Ekologesch op enger gréisserer Aktivitéit

E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT
BIL

D’LGS hunn sech als Zil gesat méi nohalteg ze ginn. Mee wat heescht dat genau a wéi soll all eenzele Grupp, Trupp, Chef oder Member dat op enger gréisserer Aktivitéit ëmsetzen?

Dës Checklëscht soll dir konkret dobäi hëllefen. Begleet gëtt d’Checklëscht vun enger Rei Fichen, déi Tipps zu dëse verschiddene Punkte ginn a villes méi am Detail erklären. D’Fiche fënns du an denger Chefbox am Desk bei der AG Nohaltegkeet ënnert „Nohaltegkeet um Camp“.



**Nohaltegkeet soll belount ginn:**

- **Kräiz** an der Checklëscht d’Punkten un, déi dir fir är Aktivitéit erfëllt hutt.
- Hutt dir déi **mam** ✋ alleguerten erfëllt, an **9 ouni** ✋, hutt dir iech eng Auszeechnung verdéngt.

Hues du Froen zu der Checklëscht oder weess net wéis du déi verschidde Punkten ëmsetze solls, mell dech bei eis iwwert

nohaltegkeet@lgs.lu

Dëst Dokument geet dir net wäit genuch? Zéck net denger Checklëscht zousätzlech Punkte bäizefügen an eis däi Feedback ze schécken.

# 1) Message an Edukativ Ziler

**E wichtege Punkt ass datt mir d'Leit och drop opmierksam maache bei wéi enge Punkte mir besonnesch probéieren op d'Nohaltegkeet opzepassen.**

- [ ] Fir eis Participantë méi fir Nohaltegkeet ze sensibiliséieren, erkläre mir firwat d'Nohaltegkeet bewosst an de Fokus geréckelt gëtt.

- [ ] Mir bauen d'Theema Nohaltegkeet och an de Programm an.

  *z.B. ee Planspill mat Nohaltegkeetsziler, ee Rallye mat Froen zum Thema Waasser, mat nohaltege Materialien oder Offall bastelen... Fro bei eise Partner wéi der ONGD "Guiden a Scouten fir eng Welt" no oder kuck an der Aktivitéitsbox.*

- [ ] Mir klären d'Participanten iwwert déi Punkten op, déi mir bewosst am Konzept vun der Nohal-tegkeet ëmgesat hunn.

  *z.B. firwat mir esou akafen, firwat mir bei den nächste Bäcker ginn an/oder si gefrot hunn Däppercher mat op de Camp ze bréngen.*

- [ ] Mir bannen d'Participantë mat an a lauschteren hinne bei hire Wënsch an Ureegungen zum Theema Nohaltegkeet no.

# 2) Transport

**Fir den Trafik op de Stroossen ze reduzéieren an onnéideg Emissiounen ze vermeiden, recommandéiere mir, sech mat nohaltegen Transportméiglechkeeten ze beschäftegen.**

- [ ] Mir hunn eis ob Mobilitéit.lu renseignéiert, wéi ee mam ëffentlechen Transport kann op d'Aktivitéit kommen an des Informatiounen un d'Participantë weider ginn.

  *Ab den Avex, kann een sech iwwerleeën ob en Hike oder e Rallye eng Méiglechkeet ass fir d'Distanz tëscht dem noosten Arrêt ze iwwerbrécken.*

- [ ] Mir berécksiichtegen den ëffentlechen Transport bei der Auswiel vum Chalet oder vun der Campplaz.
- [ ] Mir hunn d'Horaire vun eiser/eisen Aktivitéit(en) den Horairë vum ëffentlechen Transport ugepasst.
- [ ] Mir organiséieren am Viraus, eventuell scho bei der Umeldung, Fuergemeinschafte fir op d'Aktivitéit.
- [ ] Mir gesi Velostänneren oder eng Alternativ dozou vir.

# 3) Ravi plangen

**Fir de Ravi kënnen nohalteg ze gestalten ass eng besonnesch gutt Virbereedung néideg.**

- [ ] Mir schreiwen d'Dëppercher (fir Ravi-Reschter) op d'Paklëscht vun de Participanten.
- [ ] Mir informéieren eis iwwert den nächste Bäcker, Metzler, Bauer, Mëllechtankstell etc.
- [ ] Mir informéieren eis iwwert nohalteg a fair Labelen.
- [ ] Mir informéieren eis bei déi jeeweileg Butteker, wéi eng Méiglechkeeten et gi fir z.B.: Bestellungen oder gréisser Quantitéiten ouni Verpackung ze kréien.
- [ ] Mir stellen een equilibréierte Menü op a beméien eis fir Déiereproduiten souwéi exotesch Produiten ze reduzéieren.
- [ ] Mir passen de Menü un d'Saison un.

  *z.B. Keng Kürbiszopp am Summer, keng Äerdbier am Wanter, etc.*

# 4) Ravi akafen

**Mir probéiere besonnesch beim Akaf Verpackungen ze reduzéieren a recycléierbar Materialien ze kafen. Dëst gëtt méi einfach, wann s du genuch Zäit bei der Virbereedung aplangs.**

- ☐ Mir kontrolléiere virum Akafen nach eng Kéier wéi vill Leit tatsächlech matginn an ob nach Léit sech ofgemellt hunn. Doropsinn ajustéiere mir d'Quantitéiten
- ☐ Mir kafen de Ravi fir déi ganz Aktivitéit net op eemol an, sou kënne mir d'Akafsquantitéiten deem upassen, wat reell consomméiert gëtt. (Bei Aktivitéiten iwwer méi Deeg.)

  *z.B. Brout gëtt oft ze vill kaf oder mir kafen haltbar Liewensmëttel wéi z.B. UHT Mëllech.*
- ☐ Mir gestalten de Menü sou, datt mir d'Rechter spéider verwäerte kënnen.
- ☐ Mir kafen eis Liewensmëttel an der Théik a grousse Quantitéiten.
- ☐ Mir gi mat Ökotuten, Kartongskëschten, Uebst- a Geméisnetzer an / oder Stoffkierf akafen.
- ☐ Mir loossen eis Liewensmëttel an eegen Däppercher oder Tute fëllen (Metzler, Kéisthéik, Bäcker asw.)

  *Ënner anerem huele mir eis Eeërkëschte mat a kafen eis Eeër, wa méiglech en vrac.*
- ☐ Mir kafe sou wäit et geet saisonal, lokal, bio an/oder fair an.
- ☐ Mir kafe Mehrwegfläschen a mir gi se och rëm zeréck.
- ☐ Mir drénke Krunnewaasser a kafe kee Waasser a Fläschen.

# 5) Ravi zoubereeden

**Mir ginn eist Bescht fir Reschter ze vermeiden a passen de Ravi Plang spontan u wann trotzdeem d'Reschter ufalen.**

- [ ] Mir kontrolléiere virum Kachen nach eng Kéier, wéi vill Leit matiessen a kachen dann och just dat, wat mir packen.

  *z.B.: net eng ganz Packung Nuddele kachen, wann just eng hallef gebraucht gëtt.*

- [ ] Mir maachen ee Buffet a verdeelen d'Iessen net op all eenzelen Dësch

  *z.B. mir stellen net op all Dësch ee Glas Gebeess, fir datt nom Weekend net sechs ugefaange Glieser iwwereg sinn.*

- [ ] Mir verschaffen d'Rechter vu den Deeg virdrunner a reduzéiere gläichzäiteg d'Quantitéite vun der nächster Molzecht.

- [ ] Mir benotzen eis eegen Däppercher fir Liewens-mëttelreschter an evitéieren Alu-Barquetten oder ZIP-Tuten.

  *z.B. mir maachen och de Pakalu an der Gamelle*

- [ ] Mir huele Gewürzer mat op d'Aktivitéit, déi mir sowisou nach an eisem Chalet stoen hunn.

# 6) Hygiène

**Mir passen drop op, datt déi Produiten, déi mir gebrauchen, biologesch ofbaubar sinn, schaffe ressourcëschounend a vermeide Wegwerfproduiten.**

- Mir benotze fir d'Spullen a Botze wäschbar Spulllompen oder Schwämmercher amplaz där, déi ewechgehäit ginn.
- Participante bréngе Spulldicher vun doheem mat.
- Mir ersetze Kichepabeier duerch Spulllompen.
- Mir kafen d'Seef an d'Botzmëttel am Grousse fir alleguer d'Participanten. Mir passen op, datt si ouni Déiereversich (Cruelty free) hiergestallt gi sinn.
- Mir orientéieren eis beim Akaf un nohaltege Labele wéi dem „Clever Akafen".
- Mir kafe recycléierten Toilettëpabeier.
- Eis Ofwaasser fléisst an d'Kanalisatioun an net einfach an d'Wiss.

# 7) Material

**Fir eng gréisser Scoutsaktivitéit brauch een eventuell Material, dat den eegene Grupp net besëtzt. Dofir hei e puer Iddië wéi een säin Ëmgang mat Material méi ekologesch gestalte kann. Brauche mir d'Material net dacks, probéiere mir et auszeléinen amplaz et ze kafen. Wa Kafe Sënn mécht, kafe mir méiglechst laangwieregt Material a passen och entspriechend drop op.**

- [ ] Mir orientéieren eis beim Akaf vum Material un nohaltege Labelen, wéi dem „Clever Akafen".
- [ ] Fir Material, wat mir net sou dacks brauchen, ëmfroe mir eis ob mir et bei der Gemeng, engem anere Grupp oder engem anere Veräin ausléine kënnen.
- [ ] Mir kafe Material wa méiglech Second Hand (Kleinanzeigen, Social Media,...)
- [ ] Wa mir speziaalt Material kafen, informéiere mir déi aner Gruppen, fir datt si d'Material bei eis léine kënnen.
- [ ] Wann mol eppes futti geet, stelle mir eis d'Fro ob et iwwerhaapt muss ersat ginn. Wann jo, stellt sech d'Fro op et Sënn mécht genau dat nämmlecht ze kafen oder ob et eng méi nohalteg Alternativ gëtt. (z.B.: Inox oder Gossen Däppe par Rapport zu Aluminium).
- [ ] Mir kafe léiwer qualitativ héichwäertegt Material, wat méi laang hält.
- [ ] Bei Presentatioune printe mir net fir all Participant een Handout, mee stellen déi online zur Verfügung.
- [ ] Mir bastele mat Naturmaterialien oder benotzen "Offall".

  *Et muss méiglech sinn, déi gebastelt Saachen zum Schluss vun hirem Liewen erëm eenzel ze recycléieren.*
- [ ] Mir plastifizéieren näischt, wat mer nëmmen eng Kéier benotzen.

# 8) Recycling

**Mir passen op dass mer Dreck méiglechst vermeiden an do wou dat net méiglech ass uerdentlech recycléieren.**

- [ ] Mir bauen ee Recycling Center op dee fir jiddereen zougänglech ass.
- [ ] Mir trenne mindestens no Pabeier, Glas, Kompost, Valorlux, Superdreckskëscht a Restleches.
- [ ] Mir informéieren eis Participanten, wat a wei eng Poubelle gehéiert.
- [ ] Mir ginn d'eventuell Iessreschter vun der Aktivitéit an eegenen Däppercher mat heem.

# 9) No der Aktivitéit

**Ganz nom Motto “Learning by doing” ass et ganz wichteg e Bilan ze zéien, wat gutt geklappt huet a wat nach verbessert ka ginn.**

- [ ] Mir organiséieren en uerdentleche Fundbüro, deen och nach eng Zäit nom Camp zougänglech ass.
- [ ] Material wat säi Besëtzer net erëmfënnt, gëtt gespent / verschenkt an net einfach ewechgehäit.
- [ ] Mir gesinn nom Camp e Bilan ënner Chef iwwert d‘Ëmsetzung vun der Nohaltegkeet um Camp vir.
- [ ] Mir zéie mat de Participanten en (dem Alter ugepassten) Bilan (oder Gespréich) iwwert d‘Ëmsetzung vun den nohaltege Punkten op der Aktivitéit.

# My notes

**Aarbechtsgrupp Nohaltegkeet**

**Schéck elo deng Checklëscht per Mail un**

*nohaltegkeet@lgs.lu*

**Info:** *chefbox.lgs.lu/desk/checklescht*

**Online Versioun**